N°24
Entrée le 18.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, a vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 24 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Bornes d'appel d'urgence sur les autoroutes"**

Virop, verweise mir den honorabelen Députéierten op d'Äntwert zur parlamentarescher Fro N° 6665 vum 17. August 2022, wou op ähnlech Froe geäntwert ginn ass.

*Sinn d'Telefonsbornen op den Autobunnen nach allequerten aktiv?*

Aktuell ginn et 245 Nouttelefonen um Lëtzebuerger Autobunnsreseau, déi och alleguerten aktiv sinn.
De Moment lafen awer Moderniséierungsaarbechten, soudatt eng geréng Unzuel u Bornen zäitweis kënnen ausser Betrib sinn.

*Wat kascht den Entretien dovunner?*

D'Entretienskäschte vun deenen 245 Bornë belafe sech op ronn 10.000 Euro am Joer. Ze bemierken ass, datt d'Bornë mat Solarzellen equipéiert sinn an deementspriechend autark funktionéieren, also keen zousätzlechen Uschloss un de Stroumreseau erfuerderlech ass.

Doduerch dass Post Luxembourg den 2G- an 3G-Reseau zäitno wäert ausser Betrib huelen, ass aktuell eng Migratioun op de 4G-Reseau noutwenneg. Heiduerch entstinn eemoleg Käschte vu ronn 375.000 Euro.

*Wéi vill Mol si dës Telefonen an deenen leschte 5 Joren benotzt ginn?*

Säit 2018 sinn am Ganzen 1.126 Appeller enregistréiert ginn:

- 2018: 217
- 2019: 223
- 2020: 209
- 2021: 224
- 2022: 253

Et stellt ee fest, datt dës Appeller, déi zum Beispill 2021 ronn 0,6 % vun allen Noutriff ausgemaach hunn, iwwert déi lescht 5 Joer konstant bliwwe sinn.

Déi grouss Majoritéit vun den Uriff op den 112, déi vun enger Borne aus gemaach gi sinn, ware Meldunge vun enger Pann. Am Joer 2021 goufen awer och 6 Accidenter, 3 Bränn an 2 medezinesch Noutfäll iwwer eng Borne gemellt. 213mol gouf also eng Pann gemellt, oder et huet sech ëm en Test oder en techneschen Defekt gehandelt. D'Pannemeldunge leet den 112 un de CITA weider.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2023.

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes